Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech. Also déi derfir sinn, fir dass e soll geännert ginn.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).*- Neen!

M. le Président.- Entschëllegt, fir dass en esou bleift.

Dee virleienden Ordre du jour ass ugeholl mat 33 Jo-Stëmmen a 24 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel) et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera (par M. Robert Mehlen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. François Bausch).

Den Ordre du jour ass also esou ugeholl wéi e virgesi war.

Mir fänken dann elo direkt u mat eisem Ordre du jour, fir dass mer eppes geschafft kréien. Mir fänken also fir d'éischt u mat der Lecture vun den Artikelen a mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 5148 iwwert de Mëttelstand.

4. 5148 - Projet de loi portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes (suite)

D'Diskussioun ass an der Sitzung vum 6. Mee ofgeschloss ginn. Den Text steet am Document parlementaire 5148[6].

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 18 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Jeannot Belling), Claude Meisch (par Mme Simone Beissel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Niki Bettendorf) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zur Motioun, déi agereecht ginn ass. Et kennt jiddereen den Text, well se scho verdeelt ginn ass. Mir kënnen also direkt driwwer ofstëmmen.

Motion 1

Ech menge mir kënnen dat par main levée maachen.

Vote

Wie fir déi Motioun ass, déi den Här Sauber abruecht huet, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Da fuere mer weider mat eisem Ordre du jour a mir kommen zur Diskussioun vun de Projets de loi 4816, 4824, 5288 an 5289. Et handelt sech heibäi ëm Kooperationsofkommesse mat deene véier belsche Communautéiten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht.

Et sinn agedroen déi Häre Loes a Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene véier Projets de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

5. 4816 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, d'une part, et le Gouvernement de la Communauté française de Belgique et le Gouvernement wallon, d'autre part, signé à Luxembourg, le 6 mai 1999

4824 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Communauté flamande et la Région flamande, signé à Bruxelles, le 15 décembre 2000

5288 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Région de Bruxelles-Capitale, signé à Luxembourg, le 29 octobre 2001

5289 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Communauté germanophone de Belgique, signé à Luxembourg, le 19 novembre 2002

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat véier Kooperationsaccorden ze dinn, mat deene verschiddene belsche Regiounen a Communautéiten. Belsch Regiounen, där et an der Zwëschenzäit dräi un der Zuel gëtt, nämlech déi flammännesch Regioun, déi wallounesch Regioun mam däitschsproochege Raum an da schlussendlech d'Regioun vu Bruxelles-Capitale. Et ginn dräi Communautéiten, déi flammännesch, déi franséisch an dann och déi däitschsproocheg.

Déi verschidden Accordë sinn ënnerschriwwe ginn, dee mat der Wallonie 1999, dee mat de Flammänner 2000, dee mat Bruxelles-Capitale 2001 an dee mat der Communauté germanophone am Joer 2002. Dësen huet sech opgedrängt, well den Accord mat der Région wallonne nëmme fir d'Communauté française gëllt an net fir d'Communauté germanophone an dofir huet mat dëser Communautéit en extraë mussen ënnerschriwwe ginn. Et ass och dat d'Ursaach, firwat datt et esou laang gedauert huet, datt mer dat hei an d'Chamber geholl hunn, ganz einfach well mer déi véier mateneen hei wollten eranhuelen. Déi Accorde ginn an der Suite vun der UEBL-Konventioun geholl a virun allem nach opgrond vun de belsche Verfassungsreformen aus de Joren 1993 an 2001. Si sinn u sech d'Folleg vun deenen neie federale Strukturen, déi an der Belsch geschafe gi sinn.

1993 hunn déi federéiert Autoritéite méi Autonomie um Niveau vun de Regiounen an och um Niveau vun de Communautéiten zougestane kritt, fir am Kader vun hire Kompetenzen awer och dann déi international Kooperatioun ze regelen, ënnert déi d'Aushandelen an och d'Ofschléisse vun internationalen Traitéen an Accorden och fält.

Am Joer 2001 hu se dann och nach eng méi grouss finanziell Autonomie zougestane kritt. Déi Accorden hei ëmfaassen all méiglech Domäner. Dat geet vu Kultur iwwer Educatioun, bis Sport, Aménagement du Territoire, Ëmwelt an esou weider. Si begräifen also praktesch all Domäner, déi och an der Kompetenz vun deene verschiddene Regiounen an dann och Communautéite sinn. Déi Kooperatioun kann och verschidde Formen unhuelen, Formë vun Echangen, speziellen Accorden, direkt Kollaboratiounen, Promotiounen, Séminairen, virun allem och Partenariaten um Niveau vun den Entreprisen an och um Niveau vun de lokalen Autoritéiten.

Déi Accorden hei si fir fënnef Joer ënnerschriwwen a lafen automatesch viru wa se net gekënnegt gi vun enger Säit. Si gi vun engem Comité mixte géréiert. Dat gëllt fir se alleguer, ausser fir Bruxelles-Capitale. Hei hat de Statsrot gesot, et wier besser et géif een e Comité interministériel mat där Aufgab chargéieren. Mat dësem Accord ginn dann och déi Accords culturels mat deene verschiddene Regiounen aus der Vergaangenheet ofgeschaaft.

An deem Sënn géif ech lech bieden dëse véier Gesetzer Ären Accord ze ginn, en Accord, deen ech am Numm vun eiser Fraktioun dann och matbréngen.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Nico Loes *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 20. Abrëll 2004 hu mir an der Chamber d'Konventioun iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise adoptéiert, woumadder op en Neits eng enk Zesummenaarbecht a Verbonnenheet mat eise belschen Nopere konsolidéiert gouf. Ech denken, datt ech op den Historique verzichte kann, well meng Fraktiounskolleegin, d'Madame Nelly Stein, dat schonn an hirer Interventioun iwwert d'UEBL verdäitlecht huet. Ech wëll dofir mech kuerz faassen an e puer Elementer aus deene véier Projete concertéieren.

Wéi mer wëssen ass d'Belsch e Federalstaat, dee sech aus Regiounen a Communautéiten zesummesetzt. De belsche Federalismus huet seng éischt Originen, kultureller a sozialer Natur, am 19. Jorhonnert op flämescher Säit an an de 60er Joren op der wallounescher Säit, eng Revendicatioun, déi éischter ekonomescher Natur awer war. Op territorialem Plang ass de Wiessel vun engem zentraliséierte belsche Stat zu engem Federalstaat duerch déi verschidde Sproochegesetzer an duerch déi definitiv Grenz vun der Sproochegrenz 1962/63 agelaut ginn. D'Divisioun vum Pouvoir an d'Opdeelung vun de Kompetenzen ass dofir och mat der Verfassungsreform, an den Här Calmes huet et virdru gesot, vun 1970 ugefaange ginn. D'Reforme sinn an de Joren 1980, 1988, 1993 an 2001 weidergefouert ginn.

Sécherlech hat an de 70er an an den 80er Jore keen direkt virausgesinn, datt aus deem unitäre Stat eng Kéier eng federal Struktur géing wuessen. Mat de Verfassungsreforme vun 1993 an 2001 gouf dës Transformatioun gefestegt an dee belsche Législateur hat et net ëmmer einfach. Hien huet mat deene sukzessive Reforme versicht op Krisen am Zesummeliewe tëschent de Communautéiten an de Regiounen ze reagéieren.

D'Reform vun 1993 huet d'Autonomie vun den Entités fédérées um Niveau vun de Regiounen an de Communautéiten opginn, fir domadder och déi international Kompetenzen ze regelen.

Mat der Reform vun 2001 hunn d'Regioune méi eng grouss finanziell Autonomie zougestane kritt an de Finanzement vun de Communautéite gouf och nei festgeluecht.

De Rapporteur Emile Calmes, deem ech merci soe fir säi gudden a prezise Rapport, huet déi wichtegst Elementer aus den Accordë mat der Région wallonne, mat der Communauté française, der Région flamande a mat der Région Bruxelles-Capitale a schlussendlech och mat deenen däitschsproochege Communautéite kommentéiert.

Ech wëllt just ervirhiewen, datt Lëtzebuerg mat der Communauté française a mat dem Gouvernement wallon, esou wéi mat der Région Bruxelles-Capitale eng enk Partnerschaft um Niveau vun der Landwirtschaft ustrieft. Mir hate gesinn, wéi wichteg et ass an deem Beräich zesummenzeschaffen, wann et gëllt fir Krisen ze géréieren, wéi dat am Fall vun der Héngerpescht, déi jo besonnesch de Benelux-Raum betraff hat, de Fall war.

Virun allem um Niveau vum Informatiounsaustausch mat eisen Noperen, denken ech, datt et wichteg ass, fir Instrumenter ze hunn, wéi beispillsweis d'Form vun internationalen Accorden, fir esou eng Zesummenaarbecht méiglech ze maachen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech d'Averständnis vu menger Fraktioun zu dëse Kooperationsaccordë ginn a soen lech merci fir d'Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, meng Fraktioun ass d'accord mat dëse véier Projeten. Ech wollt just dat widderhuele wat ech scho bei der Konventioun mat der UEBL iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise gesot hunn, et wär net schlecht, wann d'Regierung ons géif eng Partie Prezisioune ginn iwwert d'Manéier, wéi déi Kollaboratioun konkret ofleeft, well mir konstatéieren, dass mer awer heiansdo Schwieregkeeten hunn am grenziwwergräifende Verkéier tëschent Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen an an der Belsch wunnen. Op där anerer Säit wësse mer, dass dat e Land ass, mat deem mir laang Relatiounen hunn.

Ech wär wierklech frou - ech hat dat deemools scho gefrot, leider huet d'Madame Minister deemools net dorobber geäntwert - an ech widderhuelen déi Fro, fir konkret gewuer ze ginn, op wat fir enge Punkten dann ons Kollaboratioun do sech mécht.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss an d'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Här President, ech konstatéieren hei e ganz breede Konsensus, fir dee Projet de loi hei ze ënnerstëtzen. Ech mengen, et ass och einfach eng Evidenz: Et dréit einfach eben där neier Organisatioun an der Belsch Rechnung. Ech kann lech versécheren, dass mer deen Accord hei mat esou organiséiert an esou ausgehandelt hunn, wierklech fir d'Intérête vun eisem Land esou gutt wéi méiglech op enger breetméiglechster Fläch ze organiséieren.

Ech si gäre bereet op all Froen, déi den Här Fayot konkret ze stellen hätt, ze äntwerten. Ech mengen déi Accorden hei sinn e Kader, an dee Kader muss elo gefëllt ginn, an dee Kader wäert an deenen nächste Méint a Joren ebe vun der Regierung gefëllt ginn.

Ech géing mir natierlech eng Éier an eng Freed maachen an nächster Zukunft, wann ech d'Geleeënheet dozou kréich, lech an allem Detail ze soen, wéi déi Zesummenaarbecht sech hei géing organiséieren. D'Aarbechte vun där Kommissioun, déi och virgesinn ass, hunn nämlech nach net ugefaangen. Mir wollten nämlech waarde bis dat alles ratifizéiert wier. Déi Aarbechte fänken also elo an deene kommende Wochen a Méint eréischt un. Wéi gesot, ech géing mir eng Freed doraus maachen, lech op all Froen, déi Dir ze stellen hätt, Ried an Äntwert ze stoen.

Ech wéilt just iwwert déi Iddi schwätzen, déi de Conseil d'État opgeworf huet, fir eng Cellule interministérielle ze grënnen, fir dann ze kucken, fir déi verschidde Kommissiounen, déi déi Accorden do solle begleeden, ze koordinéieren. D'Iddi u sech ass guer net schlecht, mä mir sollen awer net vergiessen, dass mir eng ganz kleng Administratioun sinn an dass et meeschtens genau déi nämlecht Leit sinn, déi souwuel mat der flämescher wéi mat der